

Mérite sportif de la Ville de Differdange



Laudatio fir de Gast SEIL vum Pilo Fonck

Déifferdeng 7. November 2011

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Dir Hären,

Wéi den Thierry Wagner mech vrun e puer Woche gefrot huet, haut d'Laudatio fir de Gast Seil ze halen, war ech – aus e puer Grënn – iwwerrascht.

Fir d'éischt emol, datt en Houwalder oder en ale Käerjenger kontaktéiert ginn ass, fir hei e Lueflidd op en Déifferdanger ze sängen: ech sinn nämlech der Meenung, datt et vum Foussbann bis op den Thillebiërg, vun Nidderkuer bis op Uewerkuer, e Sak voll Leit gëtt, déi, besser wéi ech, d'Verdengschter vum Seils Gast (während Jorzéngten) ëm d'Sportsliewen an der Gemeng Déifferdang aus dem ff kennen a ganz lieweg, bis an de klengsten Detail, beschreiwe kënnen...

Iwwerrascht war ech dann awer och (duerch den Telefon vum Thierry) gewuer ze ginn, datt e Mann, deen en halleft Jorhonnert laang - net nëmmen an der lokaler, mee och an der nationaler Sportaktualitéit - aktiv a matten dra war, bis elo den Eirepräis vu senger Stad nach net hat.

Dat soll elo beileiwe keng Kritik sinn, Här Buergermeeschter a Memberen aus der Sportskommissioun, mee just nëmmen eng einfach Feststellung, zemools ech mech erënneren, datt schonn an den 80-er

Joren (am Februar 1984) de Gast, als President deemools vun der Lëtzebuerger Sportspress op Proposition vum COSL mat der Verdéngschtmédail vum CIO, dem internationalen olympesche Comité ausgezechent gouf: zesummen mat Colette Flesch, Charel Sowa, Paul Schleimer a René Van den Bulcke hat hien du schonn de „Prix de la Monnaie Olympique“ krittt...

Ech si mer allerdéngs bewosst, datt et eng (an esouguer zwou) Gutt Ursaache gëtt, mäin ale Copain haut eréischt hei ze feieren: Éischstens huet Déifferdang am Laf vun der Zäit esouvill exzellent Sportler – ech hunn hei schonn eemol d’Laudatio op de Josy Stoffel gehalen – an esouvill dichteg Dirigenten ervirbruecht, datt déi Responsabel wuel all Joer d’Qual der Wahl haten (wéi déi Säit vun der Musel, Sauer an Our gesot gëtt) an dann ass et jo och esou, datt ee gemenkerhand eréischt nom Enn vun der Carrière déi verdéngte Wierdegung krittt...

Esou gesinn, Gast, dierfst De eigentlech haut den owend nach net hei am Mëttelpunkt stoen, well esou wéi ech Dech déslescht bei engem vun Eeren Handballmatcher nach observéiert hunn, bass De ëmmer nach Feier a Flam. C’est le moins qu’on puisse dire!

Am Eescht:

Ech brauch wuel kengem heibannen kloer ze maachen, watfir eng Perséinlechkeet (mat engem grouse P) de Seils Gast ëmmer war. Eng Perséinlechkeet, wéi et sech passt, mat Ecken a Kanten och. Ech verrode sécher kee Geheimnis, wann ech betounen, datt net ëmmer gutt Kiischten mat him z’iesse war (...an nach ass). Ech soen dat aus eegener Erfahrung. Mir ware muenchmol guer net enger Meenung, an awer hu mer eis ëmmer nees zesumme fonnt, well hien wéi ech, an ech wéi hien, net d’Gewunnecht hat, e Blat vrun de Mond ze huelen: en Iesel war fir eis zwéin ëmmer en Iesel. D’Langue de bois, wéi d’Fransouse dat nennen, hu mer net kann. Mir hätten bestëmmt am diplomateschen Déngscht vun den Affaires étrangères keng Carrière gemaach.

An Dir wësst: wann een esou riicht eraus, vun der Long op d’Zong, seng Meenung seet, da mécht een sech net iwwehall Frënn. Ech weess dovunner e Liddchen ze päifen; de Gast och.

Wat net verhënnert, datt de fréiere Patron vun dësem Sportszentrum, trotz senger Rigueur, (oder vläicht just dowéinst) ëmmer respektéiert, an dacks och appreciéiert war.

Direkter vum Déifferdanger Centre Sportif gouf e schonn (nodeems e virdrun e puer Joer op der Steierverwaltung geléiert gi war, exakt ze sinn a sech dono seng éischt Haren am Personalbüro vun der Gemeng ofgestouss hat)... Direkter vun dësem Gebei gouf en 1969 vun den deemolegen Gemengereponsabele genannt, an e blouf dat bis zu senger Pensioun de leschten Abrëllsdag 2004.

De Gast ass also Patron vun der Sportshal ginn, deen Dag wou Se opgaangen ass. Et gëtt Leit, déi mengen, deen Dag wier de Gaston Seil fir d’zweete Kéier gebuere ginn...

Et sief!

Jiddefalls ass en an deeër laanger Zäit als Gestionnär vu sengem Centre Sportif e gutt Stéck méi grous ginn, grad wéi seng Hal och ëmmer méi u Bedeutung krut.

Hei am Sall sinn eng Onmass grous Sportsorganisatiounen opgezu ginn: Dëschttennis-Lännermatcher, Fechtgalaen, Handballpartien (natierlech!) wéi z.B. d'Explokatioun Lëtzebuerg géint d'Fransousen, déi bekanntlech déi bescht Handballer vun der Welt sinn..., Basketshowen, Konschtturndemonstratiounen, wou jo Déifferdang ëmmer d'Héichbuerg vun der Turnerei war – iwwregens huet de Lauréat vun haut als jonke Karel bei der Espérance geturnt, wou en als Trainer de Blaus Pier hat – a vu grouse Manifestatiounen geschwat: souguer hat d'FLF an de 90-er Jore probéiert hei en inoffiziellen Indoor-Championnat fir d'Nationaldivisiounsveräiner opzezielen:

déi bedeiendst Manifestatioun war wuel awer d'Box-Europameescherschaft zwëschen dem Fred Serres an dem Hollänner Koopmans.

D'Déifferdang Sportshal war also ganz séier ënnert der Leedung vum Gast Seil e Must ginn. Mee net genuch domat: De Gast war gewässermoossen och e Pionnier, well hien huet scho mat Zäiten hei Soiréeën mat kulturellem Charakter organiséiert, wéi s'am Laf vun der Zäit dono op ville Plazen nogemaach goufen...

Heibanne si garantéiert e Koup Leit, déi sech gären un d'Concerten, erënneren déi d'Déifferdang Harmonie hei gespillt huet, déi ënnert der Baguette vun esou dynameschen Dirigenten wéi Camille Roilgen an Asca Rampini eng vun de beschten am Land gi war: de jonke Seil hat iwwregens beim Roilgens Camille Solfège geléiert a beim Asca Trombone a Percussioun gespillt... 't ass kee Witz. An der Percussioun soll en iwwregens absëns staark gewiescht sinn.

Wann d'Déifferdang Musek also hei ugetrueden ass, war d'Hal ëmmer struppvoll.

Guer net ze schwätzen vun den internationale Vedetten, déi de Gast Seil jorelaang op Déifferdang ze lackele wouss: international Staren wéi Peter Alexander, Udo Jürgens, Michel Sardou, Bonny M an anerer méi hunn hei onvergiesslech Owender zum Beschte ginn; en Dieter Hallervorden huet esouguer d'Mauern heibanne laache gedon.

Jee, well de Gast och jorelaang Secrétaire vun der Sportkommissioun war (déi hien fir dës Feierstonn haut virgeschloen huet) an nach méi laang Trésorier vum Syndicat d'Initiative war, war en de right man on the right place: wann hien hei wollt eppes opzezielen, da war e gutt placéiert, fir sech op de richtege Plazen d'Moyenen an d'Finanzen ginn ze loossen.

Kuerz, Dir Dammen an Hären, déi Dir dës Feierstonn haut organiséiert hutt: Eere Lauréat huet eppes aus dëser Sportshal gemaach, dat wäit iwwer d'Grenzen vun der Cité du Fer eraus gaangen ass...

Mee bei allem Respekt fir säin Asaz an dësem Centre Sportif, mam Lëtzebuerger Sport bleift den Numm Gast Seil nach aus ganz anere Grënn enk verbonnen.

Wéi ufanks de 60-er Joren (de 15. September 1961 genee) de Républiquein Lorrain eng Lëtzebuerger Editioun erausginn huet (déi grad wéi déi jonk Radios-emissioun um UKW, Kanal 18, derfir gesuergt huet, datt an deenen anere Presse-Organer der Sportaktualitéit endlech méi Bedeitung zougemeess gouf (nodeems an de 50-er Joren, trotz Josy Barthel, Charly Gaul, Vic Nürnberg, Josy Stoffel, an anere Klasseleit. de Sport an den Zeitungen als Stéifkand behandelt gouf)...

Wéi also 1961 de Répu (wéi e séier genannt gouf) mat lëtzebuerger Säiten op de Maart komm, war de Seils Gast, zesumme met senge Kollegen Robert Picard a Pat Schonckert, net nëmme vun der éischter Stonn un mat derbei, mee och ouni all Zwiwiel ee vun de beschten an zouverléissegste Matarbechter. Ouni déi genannt Lëtzebuerger Collaborateuren hätten Gérard Boulay a Georges Jacquot wuel ni esou eng gutt informéiert, dokumentéiert a commentéiert Sportssait opbaue kënnen(och – oder vläicht grad – well d' Mataarbecht vu Seil, Picard, Schonckert a Co an der Metzger Zeitung hiren Hobby war...) Si hu sech eng Eier draus gemaach, méi séier, besser, méi komplett z'informéieren, an och net gezéckt, kritesch Commentairen ze schreiwen.

Dem Gast säin éischten Dada war de Football, vläicht well déi Zäit (wéi sou dacks an der Geschicht vun der FLF) de Football am Minett mat der Escher Jeunesse, der Diddelenger Stade an den Déifferdanger Red Boys déi éischt Gei gespilt huet, vläicht och well hien als Junior an de Red Boys mat dem Kieffesch Boy als Trainer dervu gedreemt hat, en ähnlech grouse Goalkeep wéi de Jaschin ze ginn. Dat huet zwar net geklappt, mee ëmmerhin war e méi spéit 20 Joer laang Secrétaire vun der Red Boys Härenéquipe. An natierlech Footballjournalist. An net den éischte Beschten: Jiddefalls huet hien sech am Laf vun de Joren zu enger vun eise beschte Football-Fiedereen entwéckelt. Seng pertinent Match-Analysen hunn him och erlaabt, sech kritesch Commentairen ze leeschten, déi deene Betreffene natierlech net ëmmer gefall hunn, déi sech awer mat der Zäit duerchgesat hunn. An engem Mooss, datt Footballinteressierter gespaant op seng Kolumne gewaart hunn.

Datt en och e regelméissege Matarbechter an eiser Radio-Emissioun ‚Sport a Musek‘ an dono am ‚Hei-Elei-Sportclub‘ war, versteet sech vum selwen, an als eenzege Lëtzebuerger huet en a franséischer Sprooch iwwer 100 Matcher op RTL Télé 9 en direct, aus dem Studio, iwwerdroen...

Hien ass iwwregens och haut nach – bei all sengem leidenschaftlechen Asaz fir den Handball Red Boys – Member vu Pro Football, d'Associatioun déi säi Frënd Camille Dimmer gegrënnt huet, fir déi verstëbsten Iddien an de verantwortleche Milieuxen vun eisem Football opzefrëschen, eng Initiative, déi leider an der FLF op wéineg Versteedemes gestouss ass.

Duerch säi groussen Intressi fir alles wat mam ronnen Ball ze dinn hat, krut de Gast forcément eng Onmass Kontakter, net nëmme mat de

Spiller, mee och mat Traineren an Clubdirigenten. Et ass also net vun ongeféier gewiescht, datt hien sou muencherengem virugehollef huet. Wa Roby Langers oder Guy Hellers e Coup de main gebraucht hunn an hire professionnelle Vertragsverhandlungen, da woussten si, u ween si sech riichte konnten. A wann de jorzéngtelaange President vum Metz Football Carlo Molinari e gudden Tuyau gebraucht huet, wusst en och de richtegen Telefonsnumero. Wann esou eng rar Pärel wéi de Jules Bocandé zu Metz gelannt ass, dann hat de Seil seng Fangere mat am Spill. Datt dat nach laang net all Mënsch gefall huet, datt dësen oder deen déck jalous waren, an him am léifsten eng ausgewéitscht hätten, war eng vun de Niewenerscheinungen, déi sech esou um Rand ofgespillt hunn...

Mee, an de Footballmilieux'en war de Gast mat der Zäit incontournabel ginn, a genee esou war et an de Kreesser vun der Lëtzebuenger Sportspress. Zesumme mat e puer vu senge nootste Copain'en huet en vun 1972 un am Comité vun der ALPS fir frësche Wand gesuert, a nëmme véier Joer méi spéit konnt en net méi anescht wéi d'Presidentschaft vum Sportjournalisteverband z'iwwerhuelen. An deeër Foncioun huet hien et 15 Joer, bis 1991, ausgehalen. D'Markenzeichen vun deeër laanger Périod war all Joer d'Sportpressefest, hei zu Déifferdang, an dëser Hal, verbonne mat der Wiel vun de beschte Sportler vum Joer. Wann dee Rendez-vous haut haaptsächlech e gesellschaftlechen Evenement ronderëm e Galadiner ass, da war d'Sportpressefest, déi Zäit, an de 70-er an 80-er Joren nach wierklech d'Fest vun eise beschte Sportler, déi bei deeër Geleeënheet, och den Hommage vun internationale Weltklasseleit kruten, deenen hir Exhibitiounen de Publikum enchantéiert hunn, ob et Héichsprénger wéi De Champion Olympique Dietmar Mögenburg, oder Stabhéichsprénger vu Weltklass wéi d'Fransousen Thierry Vigneron, de Philippe Houvion, oder Jean Michel Bellot waren...

An d'Kiischt um Kuch bei deem Gala vun der ALPS war och alt emol de Ray Charles, de genialen (blannen) Soul-Museksartist, deem säi berühmtent „Georgia on my mind“ onvergiesslech bleift....

Zum ALPS-President gehéiert (niewebäi gesot) datt en zäitweileg och Mataarbechter am Comité Olympique an am Conseil Supérieur des Sports war, 1989 och Pressechef bei Geleeënheet vum Grand Départ du Tour de France an der Stad.

Den Driff, mat deem de Gast Seil all senge sportjournalisteschen an organisatoreschen Aktivitéiten e Stempel opgedréckt huet, deen Driff verpasst en zënter engem Véierelsjorhonnert dem Déifferdanger Handball. Sou wéi wann en vum ‚Stär‘ Gatti, deen jorzéngtelaang de ‚Monsieur Handball‘ zu Déifferdang war, (sou wéi säi Brudder Gab de Mister Velo ass) an deen de Gast och vru 25 Joer iwwerried huet, d'Presidentschaft unzuhuelen, mat Handball geimpft gi wier.

Zesumme mat anere passionnéierten Handballer wéi Jean-Paul Braconnier, John a Misch Scheuren, Patrick Reder huet en an all deene Joren sou muenches beweegt, wéi z.B. an der Lescht nach e Site Handball.lu op d'Ben ze stellen, fir deen hien sech net ze schued war, a Collaboratioun mat Simba TV, nach Matcher en direct z'iwwerdroen.

Och wann dat gelungenerweis der FLH net grad an de Krom gepasst huet.

Et sief...

Datt de Red Boys President och an deeër Fonctioun, wéi an allem, wat e säi ganzt Liewen ugepaakt huet, kee ganz Kamouten ass, huet sech an der Zwëschenzäit an allen Handballkreesser laang erëmgeschwat. Mee d'Resultat vu senger spréchwierlechen Exigenzen kënn emol ganz gutt sinn – an dat géif da säin Houfert nach eemol richtig stëppelen – datt d'Red Boys (no enger laanger Duuschtstreck) dës Saison den Championstitel nees heihinner bréngen. An deem Fall géif ech mech fatzeg iren, wann dat him net grad esou vill Pleséier maache géif, wéi d'Eierung, déi hien den owend vun Iech hei kritt.

E lescht Wuert, wann Der erlaabt:

Wann de Gast Seil sech e ganzt Liewe laang esou dem Sport verschreiwe konnt, da war dat awer nëmme méiglech, well en doheem, beim Charlotte, beim Nicole a beim Romain (deen iwwregens e brillante Sportsdokter ass, deem seng Renommée nach méi wäit iwwer d'Grenze geet, wéi dem Gast seng) souvill Versteestemes fonnt huet, soudatt den Hommage den owend och hinne gölt.

An als ale Kolleg, deem aus eegener Erfahrung weess, datt den Alter engem alt emol iwwel geholl ka ginn, souguer vun engem Minister, géif ech um Enn dem Gast e Gedanke vum Franz-Olivier Giesbert, Direkter vum franséische Magazin Le Point mat op de Wee ginn:

Vieillir n'a jamais empêché personne de rester jeune et demeure, de toute façon, la manière le plus sûre, de ne pas mourir....

Fuer also nach laang esou virun, Gast !